D'Finanze vum Grupp

Allgemenges

All Grupp brauch e Minimum vun Infrastruktur (Raim, Geschir, Apparaten...) a vu Material fir d'Aktivitéiten. Dat alles kascht Suen; duerfir muss de Grupp entspriechend Recetten an eng gutt Finanzgestioun hunn.

Datt een d'Suen net op der Strooss fënnt, ass eng Liewenserfahrung, déi di Jugendlech och bei de Guiden a Scoute kënne maachen; duerfir ass et sënnvoll, si bei der Beschafung vu Finanzmëttele fir de Grupp mat anzebannen. Besonnesch d'CaraPio an d'RaRo solle wéinstens zum Deel hir Entreprisen a Projet-en duerch eege fräiwëlleg Aarbecht selwer finanzéieren.

Grad esou wichteg si Spuersamkeet a Solidaritéit am Ëmgank mat Suen. Wat am meeschte kascht ass net ëmmer dat bescht an dat flottst; mat einfache Mëttele kann een och ganz intressant Aktivitéite maachen; et gehéiert zu der Guiden- a Scoutserzéiung fir kënnen op munnech Konsumgidder ze verzichten. An dat eventuell zu Gonschte vu Leit, deenen et un deem Néidegste feelt. Eng Partie Gruppen iwwerreeche regelméisseg de Benefice vun enger Aktivitéit un e "gutt Wierk" heiheem oder an engem aarme Land. Eis ONG "Guiden a Scoute mat der Drëtter Welt" ass fir esou Fäll ëmmer eng nëtzlech Adress. E feinen Akt vu Solidaritéit ass et och, wann de Grupp diskret aspréngt bei Memberen, déi et schwéier hu fir d'Sue fir hir Uniform, hir Campausrüstung an d'Participatioun vu Campénger zesummen ze kréien.

Wann et och vill Aarbecht kascht fir Suen an d'Keess ze kréien, da soll ee bei den Aktivitéiten awer net op der falscher Plaz spueren. Eis edukativ Ziler hunn am Prinzip d'Prioritéit viru finanzielle Consideratiounen. E Beispill: Wa mir mat Privatautoen op Ëlwen op e Weekend fueren, kascht dat d'Gruppekeess eventuell näischt. Trotzdem hu mir aus edukativen an ökologesche Grënn besser, den Zuch ze huelen.

Du lies an dësem Kapitel nëmmen iwwer d'Gruppekeess. Zousätzlech kann awer och all Unitéit eng eege kleng Keess féieren, entweder permanent oder punktuell fir ee bestëmmte Projet, z.B. e Camp. All Recette an all Dépense gëtt opgeschriwwen, an all Keess muss regelméisseg seriö ofgerechent a kontrolléiert ginn, fir all Verdacht vun "Disfonktionnementer" aus dem Wee ze goen.

De Gruppekeessier (Tresorier)

D'Verwaltung vun der Gruppekeess ass eng Charge, déi de GC ganz gutt kann engem Mataarbechter iwwerdroen. Et muss awer kloer ofgemaach ginn, wat de Gruppekeessier soll maachen a wat net.

* Den Tresorier verwalt d'Keess
  - am Rumm vum Budget, dee fir dat lafend Joer festgeluegt ginn ass,
  - no den Decisiounen, déi am Grupperot geholl gi sinn,
  - no den Uweisunge vum GC, dee fir d'Gruppefinanzen ëmmer verantwortlech bleift.

* Den Tresorier gehéiert zum Grupperot. Sou weess hie Bescheed iwwer d'Aktivitéite vum Grupp a sengen Unitéiten, an hie kann d'Chef/tainë bei finanzielle Froe beroden.

* Hie kennt d'Ziler vum Scoutissem/Guidissem an ass sech bewosst, datt d'Keess do ass fir flott Guiden- a Scoutsaktivitéite méiglech ze maachen. Mir si kee Spuerveräin, mee en erzéiereschte Jugendmouvement.

* Hie féiert Buch iwwer all Recetten an Dépensë vum Grupp (Kuck ënner "Kontabilitéit"). Hie versuergt resp. placéiert d'Suen "en bon père de famille". Hie suergt fir eng strikt Trennung vu Gruppen- a private Suen: d'Transaktioune vum Grupp lafen ausschliisslech iwwer Konte vum Grupp, an ni iwwer e private Kont.

* Hie mécht op Grond vun de Branchechef/tainen hire Virschléi zesumme mam GC eng Propose fir de Budget vum Grupp a presentéiert deen am Grupperot.

De Budget

Fir all Joer leet de Grupperot de Budget vum Grupp fest a bestëmmt direkt och zwee Keessreviseuren. D'Budgetjoer kann den 1. Januar oder de 15. September ufänken.

Am Budget stinn all Zommen, déi viraussiichtlech an d'Keess erakommen, an déi am viraus geschaten Ausgaben. Hei déi geleefegst Budgetposten:

Recetten:
- Subsid vun der Gemeng
- Cotisatioune vun aktive Memberen
- Cotisatioune vun Eierememberen
- Adventsbazar oder Chrëschtmaart
- Buergbrennen
- Theater oder Summerfest
- Participatiounsbäitrag bei Aktivitéiten
- Zënsen
- ...

Dépensen:
- Cotisatiounen un de Verband
- Material fir Campénger
- Material fir aner Aktivitéiten
- Ariichtung an Dekoratioun vum Home
- Verbandskongress a Chefdag
- Chefformatioun
- Weekender a Campénger
- Adventsbazar oder Chrëschtmaart
- Buergbrennen
- Theater oder Summerfest
- Kleng Dépensë vun den Unitéiten
- Cadeauen an Don-en
- Hëllef fir Memberen déi schlecht dru sin
- Déplacementer
- Administratioun
- ...

E puer Bemierkungen zum Budget:

* D'Chef/tainen a Mataarbechter gi jo net fir hir Aarbecht bezuelt, et ass awer net verbuede fir hinnen hir Onkäschten (Bensin, Material...) zréck ze bezuelen. Als Unerkennung fir onbezuelten Hëllef kréien Nëtmemberen eventuell e Cadeau. De Grupp denkt u seng Chef/tainë bei Familjenevenementer wéi Verlobung, Hochzäit, Gebuurt, Doud vun Elteren asw. D'Motivatioun vun de Chef/tainen an déi gutt Ambiance ënnert hinne si fir de Grupp liewenswichteg a däerfen och emol eppes kaschten, z.B. e Pizzaowend am Joer.

* Wa méiglech soll d'Gruppekeess d'Participatiounskäschte fir d'Chefformatioun ganz oder deelweis iwwerhuelen.

D'Kontabilitéit

Den Tresorier schreift all Recette an all Dépense mam entspriechenden Datum an d'Keessbuch an. Et kritt een dofir speziell Bicher ze kafen; et geet awer och mat engem einfachen Heft oder enger Computerlëscht.

D'Bewegungen an der Keess ginn an déi selwecht Rubriken agedeelt wéi de Budget; sou kann een all Moment liicht feststellen, watfir en Deel vum entspriechende Budgetsposte scho bis dohi verschafft ginn ass.

Vu jidder Dépense versuergt den Tresorier e Beleg: eng acquittéiert Rechnung, eng Quittung oder en "Avis de débit" vun der Bank.

Um Enn vum Budgetsjoer mécht de Keessier d'Ofrechnung vun de Konten. Duerno kontrolléieren d'Keessreviseuren d'Bicher an d'Beleger; si maachen eng entspriechend Bemierkung an d'Keessbuch an ënnerschreiwen se. (Als Beispill: "Mir hunn haut d'Keess an d'Bicher kontrolléiert an hunn alles an der Rei fonnt." Datum, Nimm an Ënnerschréften.)

Am Grupperot presentéiert de Keessier d'Konte vun deem vergaangene Joer, an d'Keessreviseure bezeien, datt d'Keess korrekt verwalt gin ass. Wann de Grupperot dës Rapport-e guttheescht, entlaascht hien domatt den Tresorier, an d'Chef/tainen all zesummen iwwerhuele solidaresch d'Verantwortung iwwer d'Finanze vum Grupp.

Finanzquellen

Et gi vill Méiglechkeete fir Suen an d'Gruppekeess ze kréien, mee net all Iddie loossen sech an all Uertschaft realiséieren. Wann de Grupp eng "Amicale" huet, kann déi je no der Aktivitéit méi oder manner intensiv matmëschen oder och emol selbstänneg eng Finanzéierungsaktioun starten. (Kuck am Dok. 7.02 "Amicale vu Frënn, Elteren a fréiere Guiden a Scouten").

Aktivitéite fir d'Keess ze fëllen däerfen net de gréissten Deel vum Joresprogramm ausmaachen. An eisen Unitéite mussen och vill Aktivitéite lafen, déi d'Jongen a Meedercher kënne fräi wielen.

Vill Aktiounen, déi Suen an d'Keess bréngen, kënnen och edukativ ganz wäertvoll sinn, wa se no der Guide-/Scoutsmethod duerchgeféiert ginn, d.h.:

- D'Jongen a Meedercher kënnen a bestëmmte Froe matbestëmmen (z.B. Wiel vum Theatersték, Gestaltung vu Bastelaarbechten, Dekoratioun vum Sall resp. vun der Plaz ...).

- Si iwwerhuele Chargen a schaffe kreativ mat.

- Hir perséinlech Fortschrëtter ginn anuecht geholl an unerkannt.

- Zum Schluss gëtt brancheweis e Bilan gemaach, wou déi finanziell an déi edukativ Resultater bewäert ginn.

Bei verschiddene Fester an Aktivitéiten op öffentleche Plazen a Stroosse brauch een eng Autorisatioun. Et ass ëmmer gutt wann ee mat Zäit op der Gemeng nofreet.

Wa mir konkret wësse, fir watfir een Zweck mir Sue sammelen, si mir méi motivéiert fir matzeschaffen, an eise Publikum ass och méi mëtschgieweg.

Hei e puer Iddie fir Suen eranzekréien:

*** Theater**

Eng Theatervirstellung bitt villsäiteg educativ Méiglechkeete fir all Branchen, vum Stéck-selwer-schreiwen bis zum Bühnendekor. Et muss een d'Chargë scho gutt opdeelen, fir datt och déi Guiden a Scouten, déi keng grouss Roll hunn, während där Zäit wou geprouft gëtt intressant Aktivitéite kënne maachen.

Wat méi Kanner matspillen, wat méi Elteren a Grousseltere kucke kommen.

Mam Theater kann een eng Tombola verbannen. Op den Handziedelen, déi an d'Bréifkëschte verdeelt gin, kann een de Grupp virstellen an/oder bezuelte Reklamm fir Firme maachen.

En Theater montéieren ass vill Aarbecht. Wann een déi scheit, riskéiert een, vu Joer zu Joer ëmmer méi an eng mëttelméisseg Routine erof ze rutschen.

*** Fester mat Kachen an Iessen**

Wann de Grupp Leit huet, déi gutt kache kënnen an d'Aarbecht net fäerten, ass dëst eng intressant Saach net nëmme fir d'Gruppekeess, mee och fir de Kontakt mat Elteren. Ganz wichteg ass heibäi, datt déi hygienesch Regele genee respektéiert ginn. Dir fannt déi wichtegst Rotschléi hei op engem extrae Blat. Déi offiziell Reglementer kënnt dir an der Zentral froen.

*** Summerfest**

Bësch- a Wisefester si ganz beléift a bréngen och meeschtens vill eran - wann d'Wieder matspillt! E gudden Deel vun den Aarbechte kann nëmme vun Erwuessene gemaach gin; d'Branchen hunn awer och vill Méiglechkeete fir Spiller an aner Attraktiounen unzebidden, eventuell och op engem Lagerfeier.

*** Äppel- a Viizfest**

Mir froe Baueren aus den Ëmgéigend, déi Bongerten hunn, fir Äppel ze kréien. Mir denke mat Zäit drunn, eidel Fläschen ze sammelen an ze spullen. Et kann een natiirlech och neier kafen (an de Giele Säiten ënner "Bouteilles" kucken).

*** Advents- oder Chrëschtbazar**

D'Konkurrenz vun anere Veräiner a vu Geschäfter ass grouss, a mir musse probéiere fir schéin a gutt Saachen zu engem attraktive Präis unzebidden. Adventskränz wéckelen ass wuel éischter eppes fir CaraPio a RaRo, ma fir déi méi Jonk fënnt een a Bicher an Zäitschréften ëmmer erëm nei Iddien.

E Stand mat Glühwäin a Schocki oder ähnleches passt an de Kader. Et kann een och nëmmen Adventskränz maachen a se an d'Haiser liwweren.

Mir schwätzen hei bewosst net vu "Chrëschtmaart", well dat Wuert "Maart" reservéiert ass fir déi professionnell Händler an Handwierker.

*** Cadeauen apaken**

Viru Feierdeeg wéi Niklosdag, Chrëschtdag oder Mammendag brauche grouss Geschäfter heinsdo zousätzlech Leit fir de Client-en hir Saachen als Cadeau anzepaken. Guiden a Scoute kënnen duerfir gefrot

ginn oder sech ubidden. Si schaffen natiirlech an Uniform. Um Pakdësch steet eng gréisser Spuerkëscht, wou d'Client-en e fräiwëllegen Don fir de Grupp kënnen dra geheien. Eng exakt Aarbecht, e frëndlechen Service an eng gutt Organisatioun sin erfuerdert.

*** Buergbrennen**

Et geet hei méi drëm fir eng Traditioun z'erhale wéi fir d'Keess ze fëllen. No alem Brauch kritt déi als lescht bestuedte Koppel aus dem Duerf d'Eier fir d'Buerg unzestiechen. An si däerfen sech déi Eier eppes kaschte loossen! Bei der Buerg kann ee grillen a Gedrénks verkafen. Fir déi ënnescht Branchë sinn net vill Aktivitéite méiglech.

Ganz wichteg ass et, beim Buergbrennen kee gëftegen Damp ze produzéieren (keng Pneue verbrennen!) an duerno d'Plaz erëm tiptop propper ze maachen.

Am Hibléck op d'Buergbrenne kënnen d'CaraPio an d'RaRo nom 6. Januar déi dir Chrëschtbeemercher asammelen an dobäi eventuell e puer Zwanzeger a Fofzeger akasséieren.

*** Ouschtereër**

Selwer gefierften Ouschtereër verkafe sech gutt, apaart wa se an d'Haus geliwwert ginn. Fir kee Risiko anzegoen, schaffe mir nëmmen op Bestellung. Den Hoken dobäi ass, datt een déi vill Eer net laang am viraus ka fierwen. Ausserdeem eegent dës Aktivitéit sech net immens gutt fir grouss Ruddele vu Kanner.

*** Ouschtermaart**

Dëst ass eng Geleeënheet fir selwer gebastelt Saachen ze verkafen. Et kann een och Spezialitéite fir z'iessen ubidden, z.B. “Omelette à la CaraPio”.

*** "Extra-jobs"**

D'CaraPio oder d'RaRo leeschten de Leit bestëmmt Déngschter. Si froen duerfir keng Bezuelung, mee huelen awer Don-en un. Et ass wichteg, de Leit ze soe fir watfir en Zweck d'Sue bestëmmt sinn, z.B. fir en Auslandscamp ze finanzéieren.

Beispiller vun "Extra-jobs":

- Autoë wäschen (op der öffentlecher Strooss verbueden)
- am Gaart schaffen
- Holz seeën an haen
- akafen, Kommissioune maachen
- bei Hausaufgaben hëllefen
- Babysitting
- usträichen
- Schnéi schëppen
- Reklammen a Flugziedelen (“Flyeren”) ausdroen
- Fënstere wäschen

Fir esou Aarbechten unzehuele muss ee seng Zäit flexibel andeele kënnen, ëmmer frëndlech an diskret sin, an de Leit hir Privatsphär respektéieren.

Et ass och gutt ze wëssen, datt eis Haftflichtversécherong net opkënnt fir Schied, déi mir u Gebaier an un Objet-e maachen, déi mir fir eng Aktivitéit zur Verfügung gestallt oder uvertraut kritt hunn.

*** Déngschter bei gréissere Manifestatiounen**

Bei grousse Fester an der Uertschaft kënnen d'Guiden a Scouten Aarbechten iwwerhuelen, fir déi si vum Organisateur eng finanziell Belounung an d'Keess kréien. Z.B. den Uerdnungsdéngscht op de Parkplazen, de Vestiaire an der Ausstellungshal oder am Concertssall, d'Iwwerwaachung vu gefëllten Akaafskierf an -tuten op der Braderie ...

*** Rally**

Dir organiséiert e grousse Rally - am beschten ënnert engem bestëmmten abenteuerlechen Thema - an invitéiert Leit vu baussen, matzemaachen: Elteren a Frënn, Familjen, aner Gruppen. Maacht kloer, fir wien et geduecht ass! Dir offréiert ënnerwee an/oder um Schluss eppes fir z'iessen an ze drénken, an natiirlech e puer Präisser fir d'Gewënner. Vun de Startgelder, déi dir frot, soll um Enn eppes an der Keess rescht bleiwen.

*** Floumaart**

E Floumaart verlaangt vill Aarbecht, mee 't huet ee praktesch keng Onkäschten. Et brauch een e grousse Raum fir am viraus d'Artikelen ze sammelen an dat, wat net verkaaft gin ass, ze versuergen - bis déi nächste Kéier. Well et gëtt eréischt richteg rentabel, wann een et regelméisseg mécht, z.B. all Joer. En intressant Engagement fir Membere vun der "Amicale".

*** Pabeiersammlung**

Eng wichteg Viraussetzung ass, datt de Grupp genuch erwuesse Memberen an/oder Frënn huet, déi garantéieren, datt d'Pabeiersammlung regelméisseg duerchgeféiert gëtt. Et ass keng Aktivitéit fir AvEx, WiWël a Biber. Ausserdeem muss ee wëssen, wou een déi néideg Gefirer z.B. Camionnett(en), Tracteur mat Unhänger hir kritt. Déi éischt Démarche féiert an d'Gemeng resp. bei de Buergermeeschter. Et soll ee mat der Gemeng e feste Kontrakt maachen: de Grupp engagéiert sech fir beispillsweis all Mount eng Pabeiersammlung an der ganzer Gemeng ze organiséieren, an d'Gemeng engagéiert sech fir dem Grupp pro Tonn gesammelte Pabeier eng bestëmmten Zomm ze bezuelen. Den zweete Schrëtt geet bei eng seriös Recyclingfirma, fir d'Conditiounen auszehandelen (An de Giele Säiten Rubrik 77660 Recyclage et récupération de vieux papiers, an 29250 Déchets et ordures); leider gëtt een net bei all Firma fair an éierlech bedéngt.

Nët vergiessen, all Sammlung mat Flyeren an Zeitungsnotizen unzekënnegen.

Bei der Pabeiersammlung selwer muss ganz grousse Wäert op d'Sécherheet geluegt ginn: Gilete mat Reflekteren undoen, keng Kanner op engem Unhänger oder Camion, orange Blénkluuchten …

Ier een ufänkt mat Pabeiersammlunge schwätzt een am beschte mat engem Chef, deen Erfarung an dëser Saach huet.

*** 24 Stonne schwammen ...**

.. oder lafen, Velo fueren, Stelze goën, ... Der Phantasie si keng Grenze gesat. Am Prinzip geet et esou: Dir organiséiert e Sportsfest, wou eng bestëmmt Zäit laang (z.B. 24 Stonnen) ouni Ënnerbriechung eng bestëmmt Sportaart praktizéiert gëtt. Dat heescht datt zu all Moment op d'manst ee Member am Waasser (resp. op der Pist oder um Terrain) aktiv ass. D'Guiden a Scouten hunn am viraus mat Elteren, Frënn a Bekannten fest Kontrakter ofgeschloss: dës Persounen engagéieren sech fir x Frang an d'Gruppekeess ze bezuele fir all Längt, déi d'Guide/de Scout schwëmmt. Niewent dëse Recetten huet een och d'Méiglechkeet fir Iessen a Gedrénks ze verkafen.

Dës Aktivitéit muss gutt organiséiert ginn an eegent sech apaart fir eng Geldsammlung fir e "gudden Zweck". Et ass eng flott Saach mat villen edukative Méiglechkeeten.

*** Mënzeschlaang**

Bei enger Manifestatioun, wou vill Leit op enger Plaz zesumme kommen, gëtt versicht, op de Buedem 20-Frang-Stécker uneneen ze leeën, sou datt eng laang Schlaang entsteet. Mat dësem Spill kann een eventuell eng Wett verbannen. Den Erléis ass fir e ganz bestëmmten Zweck.

*** Lotterie**

Wann ee vill a gutt erwuesse Verkeefer huet, kann eng Geldlotterie vill abréngen. Op jidfer Fall soll ee sech virdrun op der Gemeng genee informéieren, watfir eng Autorisatioun noutwenneg ass. Déi entspriechend Gesetzer a Reglementer kann een an eiser Zentral froen.

*** Eierememberen**

Wéi vill aner Veräiner kann och de Guiden- a Scoutsgrupp Eierememberen hunn. Et brauch ee virun allem gewëssenhaft Erwuessener, déi mat den Eierememberkaarten hauséiere ginn. De Grupp soll sengen Eierememberen eng Géigeleeschtung ubidden, z.B. eng fräi Entrée beim Theater.

*** Verkaf vu Gadgeten**

Bei enger extraer Geleeënheet kann de Grupp Gadgete maache loossen a verkafen, z.B. e Bic, eng Tas, e Porte-clé, e Portmonni ... Dobäi uechte mer op ëmweltfrëndlecht Material. Et besteet awer ëmmer de Risiko, datt een op de Saache sëtze bleift.

*** Sponsoring**

Bei aussergewéinlechen Evenementer an Uschafunge kann de Grupp op Sponsoring zréckgräifen. Dat heescht: de Grupp kritt vun enger Firma oder Organisatioun eng materiell Ënnerstëtzung (z.B. en Zelt, e Präis fir e Concours, Suen ...) a mécht dofir Reklamm fir déi Firma (z.B. eng Annonce am Gruppeblietchen, e Panneau am Theatersall ...). Op eisen Uniformen a Fändele komme sou Reklammen awer net a Fro. Och verzichte mer op Reklamm fir ëmwelt- a gesondheetsschiedlech Produkter (Alkohol, Tubak ...).

*** Heeschebréiwen**

Bei engem grousse Fest vum Grupp, wéi z.B. engem Jubiläum, enger Fändelwei oder der Aweiung vun engem Chalet, kënne mer mat engem "Heeschebréif" Don-e vu Privatleit a vu Firme froen. Jidder Bréif gëtt perséinlech un déi betreffend Persoun adresséiert. D'Nimm vun den Donateure ginn an enger Broschür publizéiert, déi di betreffend Leit zesumme mat engem Merci-Bréif geschéckt kréien.

Subsiden

1) Subside vun der Gemeng

Äre Grupp kritt normalerweis all Joer e Subsid vun der Gemeng. Wann dir fannt, datt äre Subsid net héich genuch ass am Verhältnës zu ärer Memberzuel an zu ären Aktivitéiten an am Vergläich zu anere Veräiner aus der Gemeng, sollt dir eng Demande maache fir méi ze kréien. An dëser Demande gëtt keen anere Veräin ernimmt, mee är wäertvoll Aarbecht an der Erzéiung vu Kanner a Jugendleche gëtt ervirgestrach, är Aktivitéite ginn opgezielt, an är finanziell Besoine gi kloer gemaach.

Bei Evenementer mat extraen Dépensë kënnt dir och en aussergewéinleche Subsid froen (z.B. fir nei Zelter, Participatioun un engem internationale Camp am Ausland, Renovatioun vun engem Sall, Equipement a Camp fir manner bemëttelt Guiden a Scouten, Projet an de Beräicher Kultur oder Ëmwelt, Jubiläum vum Grupp).

2) Subside vum Jugendministère

Fir den Neibau, den Ëmbau a grouss Ännerunge vun engem eegene Chalet kann ee mat engem Subsid vum Jugendministère rechnen. D'Demande, mat alle Pläng, Devisen asw., gëtt am viraus iwwer eis Zentral gemaach, wouu ee sech kann iwwer d'Prozedur informéieren.

Bei Aktivitéiten, déi eng aussergewéinlech Envergure hunn an aussergewéinlech Dépensë mat sech bréngen, kënnt dir beim Jugendministère e Subsid froen. Zum Beispill:

- wann dir heiheem en internationale Camp organiséiert,
- wann dir gratis manner bemëttelt Kanner a Jugendlech mat huelt,

Et ass ëmmer gutt, wann dir an ärer Demande den edukative Wäert vun der Aktivitéit ervirsträicht, a wann dir kënnt weisen, datt d'Dépensen och Netmemberen resp. der Allgemengheet zegutt kommen.

Et huet kee Wäert, bei engem anere Ministère fir e Subsid unzeklappen.

3) Initiatives Jeunes

Dëst ass eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat fir Aktivitéite vu Jonken, déi folgende Critèren entspriechen:

- Et muss en zäitlech begrenzte konkrete Projet sinn.
- Déi Jonk iwwerhuele selwer déi wichtegst Rolle bei der Wiel, dem Ausschaffen, der Organisatioun an der Duerchféierung vum Projet.
- D'Aktivitéit riicht sech un e "public cible ouvert", d.h. datt am Prinzip keen, dee beim Projet wëllt matmaachen, kann ausgeschloss ginn.
- De Projet huet en innovativen Aspekt.
- "Une priorité sera accordée à des actions favorisant la créativité et une participation active des jeunes à notre société en
  - ° impliquant des groupes sociaux de jeunes plus défavorisés,
  - ° favorisant la coopération et l'égalité des chances entre les jeunes surtout dans un environnement multiculturel,
  - ° permettant d'acquérir des compétences sociales et de développer l'esprit d'entreprise,
  - ° présentant une dimension européenne ou internationale."

D'Demande gëtt op engem Formulaire gemaach, deen ee sech kann am Jugendministère froen.

Och am EU-Programm "Jeunesse" gëtt et en ähnleche Volet fir Jonker vu 15 bis 25 Joer. ("Initiatives de groupe")

4) Jeunesse pour l'Europe

Jonker vu 15 bis 25 Joer, déi en internationalen Austausch maachen (z.B. e gemeinsame Camp mat enger auslännescher Trupp), kënnen eng substanziell Ënnerstëtzung vun der EU kréien. Den Austausch kann tëscht 6 an 21 Deeg daueren, an den Total vun deenen, déi matmaachen, muss tëschent 16 a 60 Persoune leien. Et muss een d'Demande laang am viraus areechen, an et si vill Schreiwereien ze maachen. Déi lëtzebuergesch Agence vum Programm "Jeunesse" ass awer ganz hëllefsbereet.

Adress: Agence Nationale du programme communautaire “Jeunesse”
Galerie Kons 5e étage, 26, place de la Gare, L-1616 Luxembourg.
Tel. 478-6476. Fax 26 48 31 89

5) Démarchë fir e Subsid ze froen

Beispill: Äre Grupp freet bei der Gemeng en aussergewéinleche Subsid, well dir wëllt nei Zelter kafen.

Bedenkt, datt et kann 1 bis 2 Méint dauere bis dir eng Äntwert kritt. Maacht also är Demande fréi genuch.

Schéckt e Bréif un de Gemengerot. Dora schreift dir

- ° Wéivill déi nei Zelter kaschten;
- ° firwat dir elo nei Zelter braucht;
- ° firwat dir op d’Ënnerstëtzung vun der Gemeng ugewise sidd;
- ° bei wiem vun iech d’Gemeng ka weider Detailer nofroen.

De Bréif gëtt vum Gruppechef/taine ënnerschriwwen. Et kann awer zousätzlech nach een anere Chef mat ënnerschreiwen, dee mat sengem Numm e positiven Afloss kann huelen, well en z.B. de Buergermeeschter perséinlech kennt.

Natiirlech steet um Bréifpabeier och de Kont, op deen de Subsid kann iwwerwise ginn.

Ass d’Demande bis fortgeschéckt, kënnt dir déi eenzel Gemengeconselljeeën och informéieren, am beschten a perséinleche Gespréicher an/oder mat enger Copie vun ärer Demande.

Ee vun deenen, déi d’Demande ënnerschriwwen hunn, kann 2-3 Woche méi spéit eventuell beim Buergermeeschter nofroen, ob eng Chance besteet fir eppes ze kréien.

Bei all Demande fir Ënnerstëtzung kënne mir op eis edukativ Ziler an op de Benevolat vun de Cheftainen a Chef hiweisen.

Fir all Ënnerstëtzung schreiwe mer e Mercibréif.